



mentaresche Kader, fir Schoul kënnen ze organisieren, da wärte mer dat iwwert deen dote Wee och maachen. Dat ass eng Evidenz. Duerfir hunn ech Är Opreegung fir Är Fro an deem dote Fall net verstanen.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Nach eng Kéier Merci dem Educationnsminister. Dese Punkt ass dann domadder ofgeschloss.

9. 7189 - Projet de loi concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse

Mir kommen elo zum Projet de loi 7189 iwwert de Statsinstitut fir Hëllef fir d'Kandheet an d'Jugend. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Galles, d'Madamm Bernard, den Här Engel, den Här Kartheiser, den Här Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche

► **M. Gilles Baum (DP), *rapporteur***.- Merci villmools, Här President. Bei dësem Projet geet et ëm d'Schafe vun engem neie legale Kader fir déi staatlech Kannerheemer oder, wéi et an Zukunft heescht, fir den Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse.

Ier ech awer op d'Eenzelheete vun dësem Projet de loi ze schwätze kommen, erlaabt mer, e kuerze Réckbléck ze maachen, wéi dës Kannerheemer an domat och de Rôle, deen de Stat doranner spillt, am Laf vun der Zäit evoluéiert hunn.

E ganz ausféierlechen Historique vun de staatleche Kannerheemer fannt Der am Exposé des motifs vum Projet de loi. Déi Leit, déi et interesséiert, déi kënnen sech déi Lektür do zu Häerz huelen. Si ass net nëmme ganz exhaustiv, mä si ass och ganz, ganz interessant.

Déi éischt staatlech Kannerheemer si Métt vum 19. Jorhonnert entstanden, kuerz nodeems Lëtzebuerg onofhängeg ginn ass. Si sinn an deem Bewosstsinn entstanden, dass de Stat sozial Institutione bräicht, fir méi geziilt géint d'Kannerarmut hei am Land virzegoen. Dës Institution war am Ufank am Hospice central d'Ettelbruck, dem haitege CHNP, integréiert. Dësen Hospice zu Ettelbréck war awer net nëmme e Kannerheem, neen, et war och eng Klinik an en Aarmenhaus.

Doropshin huet de Legislateur 1870 gemengt, e misst eng aner Form fir d'Prise en charge vun de Kanner schafen. An d'Kanner sinn dunn op de Plateau du Rham, „op d'Rhum“, wéi d'Lëtzebuurger soen, komm, wou si iwwer ee Jorhonnert zesumme mat eelere Matmënsche geliift hunn.

Mam Gesetz vun 2004 kruten d'Maisons d'enfants de l'État dunn déi éischte Kéier e legale Kader. An dat Gesetz war u sech weinst dräi Ursache wichteg: éischten emol, wéi ech gesot hunn, fir e legale Kader fir déi staatlech Kannerheemer ze schafen, nodeems se net méi um Centre du Rham integréiert waren; zweetens huet d'Gesetz den Usproch gehat, den neie soziale Realitéite vun deemools Rechnung ze droen; an drëttens huet de Stat sech selwer d'Méiglechkeet an d'Moyenen u sech ginn, fir an deem sensibelen Beräich gegebenenfalls selwer anzegraifen an Initiativen ze huelen.

En anert wichtegt Gesetz, wat ech nach wëll ervirsträchen, ass d'Gesetz vum 16. Dezember 2008 iwwert d'Aide à l'enfance et à la famille. Dat huet net nëmme fir strukturell Ännerunge gesuergt, mä ënner anerem och de Financement forfaitaire agefouert an der Aide à l'enfance e legale Kader ginn.

Voilà! Dat hei waren elo e puer vun de wichtege Tëschenetappen. Allgemeng ass awer festzhalen, dass de Stat sech senger sozialer Roll am Laf vun der Zäit ëmmer méi bewosst ginn ass a sech de Problemer vun de Kanner ëmmer méi ugehall huet.

Här President, eppes, wat déi staatlech Institutione vun de private konventionéierten Haiser ënnerscheet, ass niewent dem Finanzement och, dass de Stat d'Moyenen an d'Flexibilitéit huet, fir enger extrem vulnerabler Population souwuel Projeten am sozioeducativen, psychosozialen, präventiven, awer och am therapeutische Beräich ze offéieren. Do ass de Stat einfach méi breet opgestallt.

Et wëllt ee mat enger transversaler Approche den educativen, sozialen, schouleschen, psychologeschen an therapeutische Volet beschtméiglech mateneen associéieren, andeems een en holistische Bléck op déi betraffe Kanner werft. Genau déi Philosophie fënnt sech an dësem Projet de loi erëm.

Aner Charakteristike vun dësem Gesetz sinn d'Méiglechkeet, eng complémentaire Offer

zum private Secteur ze schafen an dës interministeriell an interdisziplinär mateneen ze verknäppen. Des Weidere gëtt och der Entwécklung vun de verschidde Strukturen an Departementer Rechnung gedroen.

De gesetzleche Kader gëtt mat dësem Gesetz där Entwécklung ugepasst.

A schlussendlech soll den Institut och natierlech déi néideg personell Ressourcen zur Verfügung gestallt kréien, fir seng villfältig Aufgaben ze meeschteren.

Dat sinn, Kolleegen a Kolleginnen, d'Haaptobjektiver vun dësem Projet de loi.

Deen neien Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse ass a fénnef Departementer opgedeelt. An ech wëll lech déi kuerz virstellen.

Ech fänken u mam Département hébergement. Dese besteet aus de Centres d'accueil an de Logementsstrukturen. Am Moment gëtt et siwe Foyeren oder Centres d'accueil am Land, an deenen am Ganze 60 Kanner a Jugendlecher kënnen betreit ginn. Zu Schëffeng ass et d'Maison Frieden, d'Maison Biever, de Centre „Um Mouer“ an de Foyer „Um Wendel“. Zu Diddeleng gëtt de de Foyer Dr Colling, de Relais „Maertenshaus“ an de Jugendgrupp. Et kann een awer och nach derbäisoen, dass ronn 90 % vun de Kanner a Jugendlechen op Basis vun enger Décision judiciaire an dese Strukture placéiert sinn.

Dat zweet Departement ass den Département prévention. Dese besteet aus de Structures d'aide et d'accompagnement social fir d'Kanner an hir Familljen. Do gëtt et eng Kéier de Service „Treff-Punkt“ an eng Kéier de Service „Treff-Punkt Prison“. 2018 goufen am Ganzen 3.300 Visitten organiséiert.

Da kommen ech zum Département thérapeutique. Dese këmmert sech natierlech ëm den therapeutische Suivi souwéi och ëm dee sozioeducativen Enseignement vun de Kanner, déi eng schwéier Psychos hunn. Aktuell gehéiert de Centre psychothérapeutique de jour „Andalé“ zu Diddeleng zu dësem Departement. An d'nächst Joer geet e weidert therapeutesch Angebot, eng Antenn am Norden op, an zwar zu Wuelessen an der Gemeng Parc Housen.

Déi zwee lescht Departementer sinn de Centre de ressources, dee speziell Servicer fir déi aner Departementer ubitt, an och den Département administratif.

Am Ganzen, ass ze soen, hunn d'Maisons d'enfants de l'État am Moment ronn 116 voll Tächen zur Verfügung.

Här President, a Saachen Assurance qualité inspiréiert sech dese Projet de loi um Prinzip vum Referenzkader, esou wéi mir en am modifizéierte Gesetz vum 4. Juli 2008 ageschriwwen hunn. An deem Sënn gëtt och fir all Kand a fir all Jugendlechen, dee vun engem Institut à charge geholl gëtt, e perséinleche Projet d'accompagnement ausgeschafft.

Zudeem huet och dat sozioeducatiivt, psychosoziaalt an therapeutesch Personal d'Obligation, mindestens 40 Stonne Formation continue iwwer eng Period vun zwee Joer ze maachen.

Déi perséinlech Donnéeë vun de Kanner an de Jugendlechen, déi ginn an engem dofir bestëmmte Fichier gespäichert. An d'Période de conservation vun deenen awer sensibelen Donnéeën ass op fénnef Joer limitéiert ginn. De Point de départ vun deem Delai ass fir de Major dee Moment, wou en den Institut verléisst, a fir d'Mineuren dee Moment, wa si groussjäreg gi sinn. Et sief nach ervirgestrach, dass d'CNPD dësen Delai fir absolutt rasonabel hält an en zudeem och de Gebrauchszwecker ugepasst wier.

Fir all weider Informatiounen an och zu den Aise verweisen ech op de schrëftleche Rapport, net awer ouni de Kommissionsmemberen an alleguerten deene Leit Merci ze soen, déi matgeholfen hunn, un dësem Projet ze schaffen an déi och de Mëtten an d'Chamber komm sinn an heuewe setzen.

Dëst gesot, soen ech Merci fir d'Nolauschteren an ech ginn den Accord vun der Fraktion vun der Demokratescher Partei.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Gilles Baum. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Paul Galles agedroen. Här Galles, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Paul Galles (CSV)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Alleréischtmengem Virriedner, dem Gilles Baum, villmools Merci fir säi Rapport, mëndlech, mënschlech a schrëftlech.

(Interruption)

A wéi scho virdru gesot gouf, stëmme mer haut e Projet of, mat deem d'Organisation an

d'Missioune vun de staatleche Kannerheemer solle reforméiert ginn. Mir schafen also fir déi besteend Strukturen eng gesetzlech Grondlag, fir se op déi haiteg an déi zukünfteg Ufuerderunge virzubereeden.

Et gëllt, eng verbessert Koordinatioun ënnert den ënnerschiddleche Servicer a Strukturen ze schafen an ze assuréieren. Dëst Joer feieren déi staatlech Kannerheemer hei zu Lëtzebuerg iwwregens hiren 135. Anniversaire. An de Gilles Baum ass schonn drop agaangen, dat éischt Kannerheem ass 1884 entstanen, wéi 83 Kanner aus dem Hospice central d'Ettelbruck an déi al Kasären um Plateau du Rham, also d'Rhum geplënnert sinn.

Et ass wouer, et handelt sech, wéi e puermol gesot gouf, hei ëm ee kleng Projekt, well et sech ëm net immens vill Strukturen handelt, an och hei huet de Gilles Baum se alleguete schonn opgezielt. An et sinn der jo awer trotzdem eng ganz Rei.

An och wann et quantitativ eigentlech ee kleng Projekt ass, esou ass et awer ee mat enger laanger a spannender Geschicht, an där een Deel vun der Lëtzebuurger Sozialgeschicht sech ofspilt an ee viles doriwwer léiere kann, wéi d'Opmierksamkeet, wéi d'Schwieregkeeten an d'Erausfuerderunge sech entwéckelt hunn an ëmmer erëm nei Iddien entstanen sinn. Nenne wëll ech als Beispill de Service Treff-Punkt am Prisong.

D'Zil bis haut vun de Kannerheemer ass, fir d'Wuel vum Kand an esou enger Struktur ze suergen, sech ëm hir Integratioun an der Gesellschaft ze këmmere, hir berufflech, kulturell an och hir moralesch Rechter ze verteidigen.

D'CSV-Fraktion wäert dese Projet matstëmmen. Do gëtt et eng gewësse Selbstverständlechkeet.

Ech wëll d'Geleeënheet notzen, och menger Kollegin Françoise Hetto Merci ze soe fir deen immens gudden Austausch iwwert dese Gesetzesprojekt, bei deem ech selwer ganz vill geléiert hunn.

Trotzdem hu mer awer e puer Umierkungen, zum Deel och kritesch Remarken heizou ze maachen, déi ech lech elo ganz kuerz wëll duerleeën. Et si Bemierkungen, déi méi allgemenger Natur sinn, déi awer beim Schaffen un dësem Projet opgetaucht sinn an déi eis an alle Parteie kéinten, jo vläicht souguer sollten interesséieren a beschäftegen.

Wat hätt een näamlech alles kënnen maachen an deem Moment, wou een d'staatlech Kannerheemer iwwerschaft? War et néideg, eng parallell Struktur zum Privatsektor ze halen? Oder wéi versteet e moderne Stat sech selwer? Wéi versteet e seng Aufgaben, wann et aus der Métt vun der Gesellschaft Initiative gëtt vun ausgebildete Bierger, déi ebe genau déi Missionen erfëllen, déi staatlech Kannerheemer och hunn? Dat ass déi éischt Fro an ech wäert nach e puer Wieder dozou soen.

An dozou schléisst sech dann déi zweet Fro un: Wann et d'staatlech Kannerheemer da gëtt, woufir funktionéiere se dann awer iwwer en eegene System, net iwwert deeselwechte wéi d'Privatstrukturen? Woufir keen Agreement? En Thema, iwwert dat mer och an der Kommission oft diskutéiert hunn. Woufir e bësse vun der Aide à l'enfance getrennt sinn? Woufir net iwwer eng Zesummenaarbecht beim ONE? Oder, fir et anescht ze soen: Woufir muss sech de Stat selwer net un déi Regeln halen, déi en anerem am System awer virschreift? Dohannert steet, an domat sinn ech erëm bei menger éischter Fro, de Prinzip, d'Thema an d'Fro vun der Subsidiaritéit.

Et kéint ee sech jo awer virstellen, dass de Stat entscheet, keng parallell Strukturen oprechtzëherhalen, mä seng Kannerheemer engem aneren Träger unzevertrauen an dann eben och iwwert den Agreement ze fueren. Et kéint ee sech jo awer virstellen, dass de Stat sech entscheet, an esou engem wichtege a sensibelen Thema wéi de Kannerheemer eng transversal Roll ze iwwerhuelen, déi da fir alleguerten d'Träger am Sektor gëllt, dass den ONE als Guichet unique fir all System am Sektor géif gëllen an dass de Sektor net géif fragmentariséiert ginn, bleiwen oder iergendwéi an dee Risiko géif geroden.

Vläicht wär et souguer an der Logik vun der Emstrukturéierung vun 2015 gewiescht, elo am Sënn vun der Subsidiaritéit dem Stat d'Méiglechkeet ze ginn, sech op de Monitoring, d'Innovatioun, d'Recherche, op dat flexibel Virausplang vun Infrastrukturen an op de Contrôle qualité ze konzentréieren an dobäi mat lauter Träger ze dinn ze hunn, déi en Agreement hunn. Esou awer behale mer d'Zweegleisegkeet.

An et ka gutt sinn, dass do Ressourcen an Energie verluer ginn, déi net misste verluer goen. Well d'Erausfuerderunge vum Sektor sinn enorm. Zum Beispill d'Gestioun vun den Ur-

gencëplazen oder vum Retour en famille. An dës grouss Erausfuerderunge leeden zu där eigentlecher, éischter fundamentaler Fro, déi ee sech virun all Strukturéierung an Emstrukturéierung muss stellen, näamlech: Wat brauche mer iwwerhaapt? Eng Zweegleisegkeet kann op Dauer eigentlech net d'Zil si vun engem Stat, deen de Prinzip vun der Subsidiaritéit ze schätze weess.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fro vun der Subsidiaritéit ass grouss. Et ass d'Fro vum Selbstverständnis vum Stat. Si wäert duerch dese Projet weder bestätegt nach widerluecht ginn. Mä si muss gestallt ginn. An dat wollt ech heimat maachen.

Mir wënschen de staatleche Kannerheemer an allen, déi fir si a mat hinne schaffen, eng gléckleche Hand an hirer immens wichtiger Mission.

An ech soen lech villmools Merci.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Galles. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Georges Engel (LSAP)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Stat organiséiert mat dësem neie Projet de loi u sech complémentaire zum Sektor privé eng Rei vu Strukturen. Et kënn zu enger transversaler Zesummenaarbecht, déi gefërdert gëtt. D'Zesummenaarbecht tëscht de Professionelle gëtt organiséiert a gëtt developpéiert an déi néideg Ressourcë gi bereetgestallt. U sech gëtt awer, dat ass de fénnefte Punkt vun deene fénnef Punkten, déi dese Projet de loi charakteriséieren, déi aktuell Situatioun, wéi se elo ass, un d'Gesetz ugepasst, oder d'Gesetz passt déi aktuell Situatioun richteg un.

An duerfir wäerte mir als LSAP dese Projet och matstëmmen, well et eng Upassung u eppes ass, wat gutt funktionéiert, wat am Moment och en place ass, a well et och an déi richteg Richtung geet, fir d'Zesummenaarbecht tëscht de Professionellen ze organiséieren an och ze developpéieren.

Ganz gutt fanne mer natierlech och, dass dee Projet d'accompagnement personnalisé hei och eng Basis kritt an, anescht wéi vläicht op anere Plazen, de Fichier vun deenen Données à caractère personnel hei ganz kloer gereegelt ass, an dat op fénnef Joer, wat och gutt ass.

Eng Reflexioun awer zu dem Här Galles sengen Ausféierungen, déi ech u sech ganz interessant fannen an och derwäert fannen, dass een driwwer diskutéiert, esou mengen ech awer, dass et wichteg ass, dass de Stat seng Responsabilitéit a verschiddenen Domänen och hält. Enner anerem och an der Betreierung vun deenen, déi et am noutwendegsten hunn, hei vun deene Kanner, déi dann iwwert d'Gericht placéiert ginn zu 90 %, gouf jo am Rapport vum Här Baum gesot, deen iwwregens ganz gutt war an deem ech och Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ech mengen, dass de Stat do muss och de Garant si vun enger Impartialitéit, muss de Garant si vun enger Continuitéit an och muss senger Virreideroll hei gerecht ginn, déi Virreideroll, déi hie jo säit méi wéi honnert Joer huet. Duerfir, och wann den Usaz interessant ass, fir ze soen, firwat net sech ganz erauszéien an dat un déi aner Träger ginn, esou muss ech soen, dass ech mengen, dass et awer derwäert ass, dass de Stat weider seng Responsabilitéit hei hält.

Als de Gemengepapp, deen dat eenzegt gemengegeféiert Altersheim hei am Land huet, kann ech dat och nëmme ënnerstëtzen, dass dat och dee richtige Wee ass. Wann ech gesinn, wéi eis Struktur geféiert ass a wéi se par rapport zu anere Strukturen dosteet, wann een och nëmme de Pensionspräis kuckt, sti mer ganz gutt do. An och wat d'Qualitéit vum Service ugeet. Soudass ech mengen, dass de Stat hei wierklech seng Roll ka spillen.

Dat gesot, géif ech heimadder den Accord vun der LSAP ginn.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président***.- Merci villmools, Här Engel. Nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Djuna Bernard (déi gréng)**.- Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, de Sektor vun der Aide à l'enfance huet sech an deene leschte Joren immens staark entwéckelt. Et ass e Sektor, dee sech der Hëllef vum Kand a senger Famill verschriwwen huet, sief dat ambulante Hëllef an der Famill duerch eng Assis-



tance psychosociale oder ausserhalb vun der Famill a verschiddene Strukturen.

Laut de leschten Zuele vum ONE am Oktober 2018 accueilléieren zwielef Organisme 483 Kanner a Jugendlecher am klassischen Accueil. Dovunner sinn der just 69 staatlech (veuillez lire : Dovunner sinn der just 69 bei staatlechen Organismen). Déi aner ginn all vu privaten Träger iwwer Konvention mam Stat gedroen. Den Accueil urgent a spécialisé ass bis haut eleng a privaten Hänn. Hei schwätze mer zousätzlech vun 43 respektiv 36 Placementer.

Mir gesinn, do, wou fréier d'Léisung d'Kannerheem war, ass haut eng komplex Panoplie u verschiddenen alters- wéi situatiungsgerechte Léisungen a Wunnkonzepter. D'Trägerlandschaft ass grouss a verschidde mat staarkem Qualitéitskader, diversen de Besoine vum Kand oder vum Jugendlechen ugepasste Wunnléisungen an dem Finanzéierungsmechanismus vum ONE.

Nieft der breeder Präsenz vun de privaten Träger, déi säit dem neien Aide-à-l'enfance-Gesetz nach méi gewuess sinn, existéiere parallel déi sougenannte staatlech Kannerheemer, ëm déi et an deem Gesetz geet. Dës Institutioun huet e laangen histoiresche Wee hanner sech a muss sech de wuessenden Ufuerderungen un Transparenz, Qualitéit, Konzeptioun an Innovatioun upassen. An deem Sënn gouf dëst Gesetz geschriwwen a säi Geescht bezitt sech och op dës Hauptpunkten. Dëst gesäit een och, wann een déi verschidden Departementer vun der Institutioun ënnert d'Lupp hëlt.

Éischtens den Hebergement: Ënnert de Beräich Hebergement falen d'Dages- an d'Nuetsstrukture wéi d'Foyeren zu Diddeleng an zu Schëffleng. Hei ginn d'Kanner an d'Jugendlecher vun enger pluridisziplinärer Equipp en charge geholl.

De Beräich vun der Präventioun bitt ee groust Ausbaupotenzial un. Hei gëtt den Institut an der ambulanter Hëllef an Ënnerstëtzung vu Kanner an hire Familljen aktiv. Dës Beräich këmmert sech ëm déi vulnerabel Fäll, fir a konkrete Situatiounen Hëllefstellungen unzëbidden an hofftelech Placementer vu Kanner och ze evitéieren.

D'Aarbecht vum Service Treff-Punkt ass hei besonnesch ervirzehiewen. Dës Service huet d'Missioun, fir en neutralen Uert fir d'Begëinen ze sichen an de Kontakt tëschent Kanner an Elteren ausserhalb vu méigleche Konfliktsituatiounen ze facilitéieren. D'Kand huet d'Recht, Accës bei seng Elteren ze hunn a säi Lien mat hinnen net ze verléieren. Dobäi gi béid Partien begleet an encadréiert. Besonnesch d'Antenn am Prisong zu Schraasseg ass eng wichteg Plaz fir déi concernéiert Familljen.

Den therapeutische Beräich an der Kanner- a Jugendhëllef ass een, wou e grouse Besoin besteet. Dësem gouf scho mat der Kreatioun vun de Centres sociothérapeutiques entgéintgewierkt an e soll och eng weider wichteg Missioun vum Institut bleiwen a sinn. D'Kanner kréien duerch d'psychopädiatresch Hëllef en enke Suivi. Dee scho bestoende Cente de jour Andalé fällt beispillsweis hei drënner.

Déi dräi éischt Beräicher profitéieren vun der Kompetenz an dem Qualitéitskader, deem de véierte Beräich bitt. Am Centre de ressources besteet eng pluridisziplinär Equipp, déi an de verschiddenen Zentren agéiert. Si sinn d'Experten an der Traumapädagogik a sinn an deem Sënn aktiv. Ausserdeem ass dës transversale Service ideal placéiert, fir de Projet institutionnel, also de Cadre de référence ëmzesetzen. Bei deem Outil gouf sech um Bildungsrahmenplan an der Qualitéitsmoossung vum nonformale Bildungsberäich inspiréiert. D'Zil ass et an deem Fall, eng optimal transparent an héichwärtig Prise en charge vum Kand a Jonken ze etabléieren.

Här President, de Stat gëtt sech duerch dëst Gesetz en Outil, fir Kanner a Jugendlecher opzehuelen, ze schützen an am Erwuesseginn ze begleeden. En ass een Akteur vu villen um Terrain, dierf an der Qualitéit de privaten Träger net nolafen a muss sech virun allem d'Moyene ginn, fir eng ëmfaassend Besoinsanalys vum Secteur ze maachen. Mir brauchen eng staark opgestallte Kanner- a Jugendhëllef a muss Besoine schnell identifizéieren an drop reagéieren.

An deem Sënn gëllt et, eng Politik ze maachen, wou déi verschidden Angeboter aneneegräifen, d'Interdisziplinaritéit groussgeschriwwen ass a se sech ergänzen. Mä virun allem ass et wichteg, dass kloer definéiert ass, wie fir wéi eng Prise en charge zoustänneg ass, fir dass et transparent a verständlech ass fir déi betraffe

Familljen. Wichteg ass mer op dës Plaz evirzehiewen, dass virun allem d'Präventioun vum Placement vum Kand kruzial ass.

Ech wëll dës Ried net ophalen, ouni zwee Mercie lass ze ginn. Dem Gilles Baum, fir säin exzellente mënsch..., mëndlechen - mënschlechen och -, ...

► **Une voix.** - Mënschlech och.

(**Hilarité**)

► **Mme Djuna Bernard** (déi gréng).- ... mëndleche wéi schréftleche Rapport. An awer och den Akteuren a Vertrieeder vum Secteur, fir deen interessanten Echange an Abléck an dës wichteg Beräich vun der Kanner- a Jugendhëllef.

Ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Bernard. An dann ass et um honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, wannechgelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. Ech mengen, et ass schwéier, elo nach eppes Neies ze soen. Et si vill gutt an interessant Saache gesot ginn. An ech fänken och u mat engem Merci un den Här Baum fir e wierkelech ganz interessanten a komplette Rapport, och histoiresch.

Ech mengen, et ass vläicht wichteg, fir ze soen, datt mer missten e laangfristege Bléck och werfen op den Effet, deen ee Séjour an engem Kannerheem oder engem sozioeducativen Zentrum op d'Kanner an op déi jonk Erwuesenen huet, déi dovunner betraff sinn.

Dat ass eppes, wat bis elo net gemaach gouf. Mir schwätze vill driwwer. Vill Leit hu sech Méi ginn, souwuel am private wéi am staatleche Secteur, fir déi Kanner méiglechst gutt ze behandelen. Och elo gëtt vun der Qualitéitsföderung geschwat an deenen Heemer, wat och ganz gutt ass. Mat enger Transparenz gëtt operéiert, och dat ass ganz gutt. Mä eng Gesellschaft muss sech d'Fro stellen: Wéi en Effet huet en Openthalt an enger staatlecher Institutioun laangfristeg op déi betraffe Kanner?

Zwou Reflexiounen kann een och maachen, an et huet och eng Utilitéit zum Beispill fir d'Justiz, well et do och Kritik ginn zum Beispill, datt d'Kanner eventuell ze séier placéiert ginn. An dofir ass et interessant, e laangfristege Bléck op déi Saachen ze hunn.

Dat ass schwéier ze realiséieren, dat bezweifele mir net. Et ass schwéier aus Grënn vum Datenschutz, et ass vläicht schwéier, fir Leit ze fannen, déi wëllen iwwer hir Experienze schwätzen oder e Bilan maachen. Mä ech mengen, datt mer als Stat net nëmme mussen ..., oder net nëmme eis musse Suerge maachen, fir Strukturen ze schafen, Plazen ze schafen a Prozeduren ze hunn, mä einfach och ze gesinn, wat dee laangfristegen Effet dann ass.

An deem Sënn wollte mer als ADR och eng Motioun hei hannerleeën, fir eben esou eng Etüd unzefroen, fir datt mer emol eng Basis hunn, fir dat kënnen ze evaluéieren. Mir maachen et och an anere Beräicher. Och an anere Beräicher, wou de Stat aktiv ass, wou e sech als Ascenseur social gesäit oder heiandsdo als staatleche Reparaturbetrib fir Krisensituatiounen, muss mer eis ëmmer déi Fro stellen: Wéi effikass ass déi Aktioun wierkelech? Oder wat kënnen mer verbessern?

Dofir, déi Proposition oder déi Motioun, déi mer heimadder wollte virstellen.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst, datt

- déi staatlech Kannerheemer an educativ Zentren zënter hirer Grënnung eng immens wichteg Aarbecht leeschten an datt eng grouss Zuel vu Kanner a vu jonke Leit eng Zäit vun hirem Liewen an esou engem Heem verbruecht hunn;

- den Openthalt an engem Kannerheem oder engem sozioeducativen Zenter oder de Kontakt mat enger vun dëse staatleche Strukturen dacks e bleiwenden a prägenden Afloss op d'Entwécklung vun deene betraffene Kanner a jonke Leit huet;

fuerdert d'Regierung op,

- eng quantitativ a qualitativ Etüd ze presentéieren, déi et soll erlaben, e Bilan ze zéien iwwert déi mëttel- a laangfristeg Effete vun de staatleche Kannerheemer a sozioeducativen Zentren op déi betraffe Kanner a jonk Leit, déi do ënnerbruecht oder soss betreit goufen, inklusiv, esou wäit ewéi méiglech, op hir berufflech Entwécklung;

- bei dëser Etüd, esou wäit ewéi méiglech, och d'Meenungen an d'Erfaarunge vun deenen direkt betraffene Persounen ze berécksiichtegen;

- esou wäit ewéi méiglech all déi Strukturen eenzel ze ënnersichen, déi am Abléck ënnert d'Gesetz vum „Institut public d'aide à l'enfance et à la jeunesse“ falen;

- opgrond vun dëser Etüd eventuell weider Verbesserungen oder Upassung vum der Funktionsweis vun dësen Institutiounen am Interessi vun de Kanner a vun de jonke Leit ze proposéieren.

(s.) *Fernand Kartheiser.*

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Wat d'Gesetz selwer ugeet, wéi gesot, hu mer net vill Kriticken. Mir ënnerstëtzen dat. Et kann ee sech allerdéngs d'Fro stellen, ob net e klengen administrativ Waasserkapp hei geschaaft gëtt. Mir sinn am Prinzip ëmmer fir méi schlank Strukturen.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, besonnesch am Treff-Punkt, wou een alt ëmmer erëm Reklamatiounen vu gescheete Pappen héiert, ob do den Émgang, fir d'Familljen zesummenzebréngen, an notament de Kontakt tëschent de Kanner an de Pappen net kéint verbessert ginn. Dat sinn awer déi Bemierkungen, déi mir heizou bréngen.

Mir stëmmen dat hei mat a mir hoffen, wéi gesot, datt och dës Chamber mengt, datt mer sollten eng laangfristeg Analys vun dëse Strukturen hunn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

► **M. Sven Clement** (Piraten).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Grondiddi, datt de Stat sech ëm Kanner këmmert, déi Hëllef brauchen, ass ze begrëssen. Ech mengen, de Rapporteur, den Här Baum, huet en exzellente mëndleche Rapport, haaptsächlech och iwwert d'Geschicht vun där ganzer Entwécklung vun deem Institut, dat mer elo haut solle stëmmen, ofgeliiwert.

D'Fro stellt sech awer, wou déi genau Plaz, an ech mengen, dat huet de Kolleeg Galles och gesot, wou déi konkret Plaz vun deem neien Institut da soll sinn.

Ass et tatsächlech, wéi am éischten Exposé des motifs ugefuert, eng complémentaire Struktur, déi uschlëssend dunn zu enger supplementärer Struktur gouf, fir da schlussendlech nom leschten Avis complémentaire vum Statsrot dann nach eng Kéier d'Form ze wiesselen an elo erëm zousätzlech derniewent soll existéieren, nieft de privaten Akteuren?

Et stellt sech och d'Fro, firwat hei net am Virfeld méi intensiv mat de privaten Akteuren, déi et um Terrain ginn an déi och scho laang um Terrain aktiv sinn, diskutéiert gouf iwwert d'Méiglechkeeten, wéi een dat kéint maachen.

Et huet een e bëssen d'Gefill, datt de Stat mengt, e kéint et besser wéi de Privatsektor. Mä da stellt sech awer d'Fro: Wat ass da mat deenen „aarmen“ Kanner, déi weiderhi privat betreit ginn, par rapport zu deenen, déi et besser hunn, well se vum staatleche Kannerheem betreit ginn?

Dat ass eng Fro, op déi ech keng Äntwert fonnt hunn am Text. Genausou wéineg wéi ech eng Äntwert drop fonnt hunn, wéi déi Assurance qualité, déi am Text esou héichgeschriwwen gëtt, soll da selwer garantéiert ginn. Och datt den Institut selwer exempt ass vum Agreement, wéi de Statsrot dat dunn ugeroden huet, ass fir mech e bëssen: Wie kontrolléiert d'Kontrolleren?

Ech mengen, dat si Froen, déi ee sech hei stelle muss, op déi ech trotz dem opmierksamen Liese vun de Procès-verbalen, trotz dem Liese vum Exposé des motifs keng konkret Äntwert fonnt hunn. An duerfir wäerte sech d'Piraten och an deem Projet enthalten.

Villmools Merci.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ganz gutt.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. An dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Educations- a Jugendminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech deene Felicitatiounen fir de Rapporteur uschlëssen. Do géif et villes hei ze soe ginn, vill Riedner hu sech awer op eng zentral Fro konzentriert, näamlech: Firwat hu mer eigentlech esou e staatlecht Institut? Mécht dat Sënn, nieft all deene privaterechtlech organiséierten Akteuren?

Et kann ee scho vläicht e bëssen irritéiert sinn, wann et ëm Kannerheemer geet, ëm Aide à l'enfance geet a mer doraus éischter eng ideologesch ugehauchten Diskussioun maachen, wien do dee beschten Akteur wär, amplaz eng ëm dat, wat mer kéinte méi maachen, egal wien et mécht, fir deene Kanner, deene Jonken do ze hëllefen a se ze guidéieren.

Trotzdem stellt déi Fro sech an ech hu mer se och gestallt. An ech denken, déi eenzeg Äntwert kann net sinn, datt mer eng histoiresch gewuesse Struktur hunn a Form vun de staatleche Kannerheemer an als staatlech Verwaltung organiséiert a se duerfir esou solle weiderféieren, wat deen einfachste Wee wär. Mä déi Riedner, déi drop opmierksam gemaach hunn an déi dote Fro opgeworf hunn, hu sécherlech recht, wa se soen: Dat do kann net déi eenzeg Äntwert sinn.

Ech mengen awer net, datt et esou ass, datt de privaterechtlech organiséierte Secteur ëmmer deen ass, deen am beschte ka reagéieren an agéieren. A sécherlech ass et och net esou, datt de staatlech organiséierten Akteur, wat dann elo deen neien Institut hei ass, an alle Froen ëmmer besser ass. Mä eigentlech brauche mer eng Komplementaritéit tëschent béiden.

Aus menger Erfahrung aus de leschte Joren hunn ech gemierkt, datt op déi eng oder aner Erausforderung de Privatsektor, de konventionéierte Secteur heiandsdo méi schnell konnt reagéieren, well en awer net dem enke Carcan vun enger staatlecher Verwaltung ënnerläit, sécherlech e kloren Avantage dobäi.

Op där anerer Säit wësse mer awer och, datt en duerch déi Mechanismen, déi mer dann do hu vu Contrôle, vun Agreement, vu Finanzement am ONE ënner anerem, och net all Offer schaaft, déi op där anerer Säit vläicht gebraucht gëtt, an och do vläicht net ëmmer esou innovativ denkt, well e sech un déi Regeln, un dee Kader awer hält, deen de Stat jo och virgëtt an deen eigentlech herno och zu deem Resultat féiert, wéi dee Kader eigentlech gären hätt, datt d'Resultat do kënnt, an et do och Sënn ka maachen, eng staatlech Struktur ze hunn, déi iwwer Gesetz - an duerfir schafe mer dat Gesetz hei, duerfir hu mer et proposéiert - eben och aner Méiglechkeete kritt.

Ech denke schonn, datt mer mat deem Institut hei och en Akteur sollen hunn, dee méi innovativ vläicht ka ginn. Ech denke schonn, datt deen Akteur sech an Zukunft, nieft sengen histoiresch gewuesenen Aufgaben, och ganz besonnesch soll op Aktivitéite konzentriéieren, déi mam Finanzéierungsmechanismus vum ONE net ëmmer ofgedeckt ginn oder ofgedeckt sinn, a mer doduerjer och eng Komplementaritéit kënnen assuréieren tëschent béiden.

Mä finalement ass d'Finalitéit dovunner, vu béide Secteuren dat, wat am Méttelpunkt soll stoen, näamlech: Wéi kënnen mer deene Jonken am beschten hëllefen? Well jiddwereen, deen d'Hëllef vun deem Institut hei brauch, mengen ech, huet en eegent Schicksal, individuell

Le saviez-VOUS ?

QUESTIONS

Dans le cadre de ses moyens de contrôle et de surveillance par rapport aux affaires gouvernementales, la Chambre, par le biais de ses membres, a le droit de poser des questions aux membres du Gouvernement.

La question constitue une demande de renseignements d'un député à un ministre au sujet d'une affaire administrative ou de gouvernement. Le Règlement de la Chambre des Députés prévoit diverses sortes de questions : les questions écrites, les questions urgentes, les questions élargies ainsi que les questions posées lors des heures de questions ou d'actualité.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Schicksal hanner sech. A fir dorobber adequat ze reagéieren, geet sécherlech e Gesetzestext net duer, geet och e Finanzéierungsmechanismus beim ONE net duer, mä mir brauche ganz vill ënnerschiddlech Äntwerten dorobber.

Duerfir gi mer eis hei, fir den nei geschafenen Institut, och Méiglechkeeten, fir zum Beispill e Centre de ressources ze schafen. Well an deenen eenzelnen Aktivitéitsfelder vun deem Institut, vun deem, wat haut nach d'staatlech Kannerheemer sinn, brauche mer eigentlech ganz oft deeselwechten Know-how, musse mer op déiselwecht Ressourcë kënnen zrëckgräifen. An duerfir hu mer eis och fir deen dote Wee entsheet.

Opgrond dovun, datt fir eng Rei vun Aktivitéiten an de leschte Joren, well Besoin um Terrain war a well offensichtlech och d'Privatakteuren deem net an deem Mooss nokomm sinn, hei de Stat och eng Offer geschafene huet, hu mer gekuckt, datt mer déi Offer op eng legal Basis géife setzen, datt mer e Kader setzen, wéi déi Institutioun do sech kann iwwert déi nächst Jore weiderentwéckelen a sécherlech awer och a ganz ville Punkte ka weider innovéieren.

Duerfir wëll ech mech iwwert déi breet Zoustëmmung hei de Mëtteg freeë fir dese Gesetzesprojet.

Ofschléissend nach ee Wuert zur Motioun vum Fernand Kartheiser, mat där ech mech schweierdinn. Net, datt mer systematesch eppes sollen evaluéieren, wat en place gesat gëtt; dat ass fir mech bon sens an dat musse mer souwisou maachen. A wa mer haut och dee Gesetzesprojet hei hunn, dann ass et sécherlech, well mer virun zwee, dräi Joer ugefaangen hunn, eis ebe grad mat enger ganzer Rei vu Froen ausenannerzesetzen an ze kucken, wat een do nach kéint aneschtens maachen.

Ech mengen awer, datt d'Froen, wéi een Effet eng Interventioun vun engem Institut wéi deem heiten oder generell all Akteur vun der Aide à l'enfance op d'Kand huet, awer eigentlech vun engem falsche Verständnis vun der Aarbechtsrealitéit an deene Strukturen do och ausginn a gedroe sinn.

D'Entwécklung vun engem Kand ass jo ëmmer multifaktoriell. An ze moossen, wat den Effet elo vun engem Placement oder enger Betreuung an enger Struktur, an enger Institutioun ass, an déi aner Facteuren alleguerte probéieren auszeblenden, dat, wat virdru war, dat, wat niwendrun nach ass, denken ech, muss zum Scheitere veruerteelt sinn.

Duerfir fannen ech do schonn an der Froestellung eigentlech eng Approche erëm, déi mer net gefält an déi vun engem, a mengen Aen, falsche Verständnis hierkënn. An duerfir mengen ech, datt een Terme wéi Effikassitéit an deem Beräich dach ganz schwéier nëmme ka beméien.

An ech mengen, et soll eis Aufgab sinn, fir alles en place ze setzen, wéi ech virdru gesot hunn, fir an deenen ënnerschiddlechen an oft perturbéierende Liewensweeër vun deene Jonken a vun deene Kanner do méiglechst gutt op déi kënnen ze reagéieren, hinnen dat ze ginn, wat se brauchen.

An der Hoffnung, datt mer alles maachen, fir hinnen en erfollegräicht Liewen duerno kënnen ze garantéieren, datt se mat zwee Féiss duerno an der Gesellschaft stinn an hir Responsabilitéit als Ervuessene fir sech selwer a fir déi, déi hinne léif a wichteg sinn, kënnen iwwerhuelen.

Mä dat ze moossen, wat en eenzelt Institut dozou bäigedroen huet, domadder, mengen ech, géife mer wahrscheinlech och all Wëssenschaftler, déi awer och gären an deenen dote Beräicher tätég sinn a fuerschen, iwwerfuereeren.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools dem Educationnsminister Claude Meisch. Den Här Galles huet nach d'Wuert gefrot.

► **M. Paul Galles** (CSV).- Villmools Merci, Här President. Och Merci dem Här Minister fir seng Erklärungen. Ech wollt awer nach eng Kéier betounen, dass et mir ganz fernläit, en ideologesch ugehauchten Discours ze féieren, grad bei dësem Thema, well et jo kloer ass, dass d'Wuel vum Kand eis alleguerte beschäftegt a fir eis alleguerten am Zentrum steet. Dat soll wierklech net de Grond sinn.

Mir wollten net drop erausgoen, dass mer wollte vergläichen, am Sënn vun: Wien ass besser a wien ass manner gutt? Dat ass guer net d'Zil vun eiser Interventioun gewiescht, no dem Parallelismus ze froen.

Et geet net ëm besser oder manner gutt. A well et net ëm besser oder manner gutt geet, well dat net d'Fro ass, stelle mer eis eben d'Fro: Woufir de Parallelismus oprechterhalen? Well wann et eppes Besseres géif gi wéi dat anert, da misst ee jo e Parallelismus schafen, fir eppes Besseres ze hu wéi dat, wat net esou gutt ass. An dësem Fall stellt sech déi Fro guer net.

Dofir wëll ech nach eng Kéier betounen, déi Fro ass éischter an déi Richtung gewiescht: Woufir hei net d'Geleeënheet notzen, fir vusäite vum Stat en transversalen Ënnerbau ze schafen, deen deem ganze Rescht vum Secteur hëlleft an déngt? Just fir dat nach eng Kéier kuerz kloerzestellen, dass mer net an en ideologesch ugehauchten Discours wollte goen.

E Wuert zur Motioun, wann ech dat direkt därëf derbäisoen: Mir ënnerstëtzen déi heite Motioun, well mer dovun ausginn, dass se viraussetzt, dass et net invasiv ass vis-à-vis vum Wuel vum Kand. Op kee Fall. Dofir menge mer, dass dat eng gutt Attitüd ass, fir och eng Etüd ze maachen. Déi soll da Resultater liwweren, mat deene mer kënnen schaffen.

Ech soen lech villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Galles.

Den Educationnsminister wëllt net méi dorobber reagéieren. Dann ass domadder d'Diskussioun ofgeschloss.

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7189. Den Text steet am Document parlementaire 7189⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7189 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 7189 ass mat 57 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugehol.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7189 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden,

Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

Mir kéimen dann elo zur Ofstëmmung vun der Motioun. Ass do nach eng Wuertmeldung do? De Minister hat Stellung dozou geholl, grad-esou gutt wéi den Här Galles och. Ech mengen, da kënnen mer direkt iwwert d'Motioun ofstëmmen.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass bei 24 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 27 voix pour et 33 voix contre.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Félix Eischen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par M. Georges Mischo), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Diane Adehm), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Paul Galles), Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

10. 7417 - Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;

2^o la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale (suite)

Motion 1

Da kéime mer nach zur Ofstëmmung iwwert d'Motioun, déi deposéiert gi war vum Här Sven Clement vum Groupe technique am Kader vum Gesetzesprojet 7417, d'Adaptatioun vum Montant vum REVIS a vum RPHG. Wëllt nach een zu dëser Motioun Stellung huelen? Den Här Berger, wannechgelift.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Jo, Merci, Här President. Ech mengen, mir si frou, datt d'Piraten eigentlech d'Suergeren deelen, déi och d'Regierung an d'Koalitioun huet. A well mer déi Suergeren haten, hu mer och schonn an de Koalitiounsaccord eng Rei Saachen ageschriwwen, déi genau dat och besoen, wat elo hei an där Motioun gefrot gëtt. Wa meng Informatiounen richteg sinn, sinn och scho verschidden Aarbechtsgruppen amgaangen, intensiv hei un deem Dossier ze schaffen. Einfach fir ze soen: Maacht lech keng Suergeren! D'Regierung huet deen Dossier do an d'Hand geholl a schafft an déi Richtung.

Mir sinn awer trotzdeem frou, datt d'Piraten dat also ënnerstëtzen. Fir awer och ze soen, datt dat, wéi een esou schéin op Franséisch seet, superfetatoire ass. Oder op Lëtzebuergesch: Déi Motioun ass iwwerflësseg. Duerfir wäerte mer se och net stëmmen.

Merci, Här President.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Berger. Ech gesi keng weider Wuertmeldung.

Den Här Kartheiser, wannechgelift.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, villmools Merci, Här President. Mir stëmmen déi Motioun vun de Piraten mat. Et mécht mer e bësse Suergeren, datt d'Regierung dat an d'Hand geholl huet. Dofir mengen ech, ass et ganz gutt, fir der Regierung nach eng Kéier ze soen, a wéi eng Richtung et soll goen.

Op jidde Fall, mengen ech, ass et ganz gutt, datt mer hei eppes fir déi behënnert Leit wëlle maachen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. Den Här Marc Goergen, wannechgelift.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Merci, Här President. Et ass jo ganz flott, wann d'Regierung dat an d'Hand hëlt. Mä dann ass awer meng konkret Fro: Ab wéini kënnen déi Leit dann an de Benefiss dovunner kommen? Well am Moment hu mer jo de Problem, dass déi Leit guer net kënnen dovunner profitéieren. Mir schwätzen elo vun iergendengem Zäitraum. Dofir wär et flott, wann déi Motioun haut kéint gestëmmt ginn, well da kënnen mer de Leit direkt hëlfeen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An da kritt nach den Här Georges Mischo d'Wuert.

(Brouhaha)

Den Här Georges Mischo fir d'Éischt nach.

► **M. Georges Mischo** (CSV).- Merci, Här ...

► **M. Eugène Berger** (DP).- Här President, den Dossier ass amgaangen an ...

(Brouhaha)

An den zoustännige Ministère si se amgaangen, elo ...

► **Une voix**.- ... drun ze schaffen.

► **M. Eugène Berger** (DP).- ... e Projet fäerdeg ze maachen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Mischo hat als Éischt d'Wuert gefrot.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- En Datum, wannechgelift!

► **M. Georges Mischo** (CSV).- Merci, Här President. Ech wollt just soen, dass d'CSV-Fraktioun och där heite Motioun wäert zoustëmmen, well mer wierklech och gären hätten, dass dat doten esou séier wéi méiglech op d'Schinne kënnt.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann den Här Berger, wannechgelift.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Här President, et ass eigentlech alles gesot. Ech wollt just nach eng Kéier soen: D'Aarbechte sinn amgaangen. Ob et elo ee Mount oder sechs Wochen oder zwee Méint dauert, kann ech elo net soen. Mä et gëtt jo gekuckt, fir eng Solutioun ze fannen. An duerfir kann een elo net soen: Gitt eis en Datum, den 1. Juli oder wat weess ech. Leet Äre Kapp a Rou! Deen Dossier, dee wäert elo relativ schnell eng Solutioun fannen.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Déi maximal sechs Méint hu mer notéiert.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- An dann nach den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Här President. Mir mengen och, datt een dat hei roueg